

# De schwaarze Mustang

*No enger Geschicht vum Jean Milmeister*

# DE SCHWAARZE MUSTANG

no enger Geschicht vum Jean Milmeister

Persounen: Pol
Annette
Manuel
Eric
Lucien
e Bauer
1.Schmoggler
2.Schmoggler
Gendaarm

Requisiten: Fiederen
Blat Pobeier
gefëllte Sak
Friddenspäif
2 Revolver
5 Seeler

**1. Zeen** An enger Stuff

Pol — (sëtzt do ze schreiwen)
Grousse Jaguar = Pol
Schlaue Fuuss = Eric
Décke Büffel = Lucien
Verschlofene Bier =

Annette — (kënnt eran) A wat schreifs du dann haut sou vill, Pol? Soss bass du dach nët sou fläisseg fir déng Aufgaben ze maachen.

Pol — Dat hei si jo och keng Aufgaben. 't as d'Lëscht vun de Sioux-Indianer. Ech sin den Haiptling "Grousse Jaguar" an dat do si méng Kriger. De Mëtteg gi mer op de Krichspad.

Annette — A firwat as de "Schwaarze Mustang" Manuel ausgestrach?

Pol — O wees de, Annette, de Manuel as e Portugis an e richt ëmmer no Masutt an e kritt ëmmer schlecht Prüfungen an der Schoul. Du sot den Eric, dat as de Medizinmann "Schlaue Fuuss", mir sollten en nët mat op de Krichspad huelen.

Annette — Soll ech dir mol eppes soen? Wann dem Manuel séng Mamm eng Heizung aplaz e Masuttuewen hätt, da géif en nët no Masutt richen, a wann se nët mat hire fënnef Kanner nach misst schaffe goen, fir Geld ze verdingen, da kënnt se och méi mat dem Manuel léieren. Ma mengs de, de Manuel kënnt derfir?

Pol — 't as scho gutt, dann huele mer en alt nëmme mat. De Lucien bréngt säi Bou a séng Fäiler mat, dat gët bestëmmt immens, an den Néckel

Annette — So Pol, ech géif och gär matspillen.

Pol — Ha ha ha, du dees mech laachen! E Meedchen mat op de Krichspad! Spill du léiwer mat dénge Poppen! Indianer as näischt fir Meedercher. Si kënnen sech nët uschläichen, si kënnen nët schéissen, si

Annette — Dat sees du! Ech hu gëschter am Gaart probéiert, mat de Fäiler op de Birebam ze schéissen, an ech hu bal all Kéier geroden. Wann dir mech mathuelt, bréngen ech och méng Fangerfaarwe mat fir d'Gesiichter ze bemolen.

Pol — Dat do as keng schlecht Iddi. O.k., da bass du dat "Grousst Feier". (schreift) Mir gin um zwou Auer op d'Huelmësser Héicht.

Pol+Annette — U-u-u-u-u! Mir gin op de Krichspad!

2. Zeen Op enger Wiss

Pol, Annette, Eric, Lucien, Manuel hun d'Gesiichter bemoolt. Si stiechen sech Fiederen an d'Hoer.

Manuel — Annette, gëf mech och eng Fieder, wann ech gelifft.

Lucien — Schlaue Fuuss, ech hätt ni geduecht dass du sou gutt kanns Krichsfaarwe molen. Du wäers doheem heemlech denger Mamm un de Lëppestëft an un d'Pudderdous goen.

Pol — (feierlech) D'Kriger vun de Sioux si schlau wéi Fiiss, staark wéi Präriebüffel, luusseg wéi Klapperschlaangen an daper wéi Biergléiwen.
(En helt d'Friddenspäif a bléist den Damp an déi véier Himmelsrichtungen.)
D'Sioux wäerden iwwer d'Prärie zéien an de Schaz vun de Bleechgesiichter sichen. De grousse Manitu wäerd schon de Routhait hëllefen. Hugh!

Déi aner — Uff, uff, wou läit dann dee Schaz?

Pol — Dohanne stong d'Schlass vun Heemel, op deem fréier uerg Raubritter gehaust hun. Se hun d'ganz Géigend onsécher gemaach an d'Leit dout gemaach. An hirer Buerg hun se d'Gold zesummegeschäert, dat se de Leit ofgeholl haten. Ma de Blëtz huet an hir Buerg geschloen an déi as ganz verbrannt. D'Buerg as an e Koup getrollt an d'Gold läit néng Fouss déif an dem Keller begruewen.

Eric — A wou weess een da wou dee Keller as?

Pol — Wann d'Sonn héich um Himmel steet zu där Zäit, déi d'Bleechgesiichter Mëtteg nennen, da fällt de Schiet vun deem groussen Äppelbam, deen haut nach op Heemel steet, op déi Plaz, wou d'Gold néng Fouss déif am Buedem läit.

Lucien — Uff, uff, de grousse Manitu as op der Säit vu sénge roude Bridder, an e wäerd hinnen hëllefen, d'Gold vun de Bleechgesiichter ze fannen.

Eric — (streckt den Aarm aus. d'Sioux bleiwe stoen.)

Pol — Wat as lass?

Eric — (pëspert) Do hannen am Weess, e Puma, dee flénken a geféierleche Biergléiw!

Annette — Dat do as eng Kaz.

Lucien — Eng Kaz gët dach nët esou grouss!

Eric — 't as e Puma

Pol — A wanns de nët gees! Bei äis gët et dach kee Puma!

Lucien — A wat soll et da sin?

Manuel — Dat as sech e Lince!

Annette — A watfir e Béischt as dat?

Eric — Hie mengt, 't wir ee Luuss, ma deer gët et och keng bei äis.

Pol — Do, lo as se fortgesprong! Haas de dee laangen, décke Schwanz mat dene schwaarze Réng gesin?

Eric — 't war awer eng Kaz; d'Sioux fäerte kee Büffel a kee Puma, nët emol eng wëll Kaz.

Annette — (zu de Leit, heemlech) Awer d'Meedercher!

<u>3. Zeen</u> Op enger Wiss (oder engem Stéck) mat engem Äppelbam Déiselwecht Persounen.

| | |
|---|---|
| Lucien | Hei musse mer gruewen! |
| Pol | Weess de dann och, datt et ewell dräi Auer as an nët zwielef Auer mëtteg? |
| Annette | A wien huet scho gesinn, datt do hannen <u>nach</u> en Äppelbam as? |
| De Bauer | (kënnt mam Trakter) A wat maacht dir Lausbouwen a méngem Stéck? |
| Eric | 't as och e Lausmeedchen derbäi! |
| Pol | Mir sichen no dem Schlass vun Heemel. |
| Lucien | Do soll e Schaz leien! |
| Eric | (pëspert) Häls de se! |
| De Bauer | (laacht) A wann der nët gitt! Op Heemel as et ni e Schlass gin. Wann der gär no engem Schaz sicht, da musst der an d'Päischthaische goen. Do läit dem Paschtouer säi Schaz. |
| Pol | D'Päischthaischen? A wou as dat dann? |
| Bauer | Ma do hannen, wou et erof op Aansembuerg geet, do as eng Hiel am Fiels. Do hat sech an der Franséischer Revolutioun e Paschtouer mat dem ganze Kiircheschaz verstoppt. D'Leit soen, d'Fransousen hätten de Paschtouer ~~xxxxxxxxxxx~~ op eng Insel verschleeft, ma de Schaz hätten si ni fonnt. |
| Déi aner | Yuppiii! Mir sichen de Schaz! |

<u>4. Zeen</u> An enger Hiel. Déiselwécht Persounen ouni de Bauer.

| | |
|---|---|
| Lucien | Ech hun et! Hei as eng Hiel! |
| Pol | Ma wou soll de Schaz leien? |
| | (Se ënnersichen déi ganz Hiel.) |
| Manuel | Hei as et! Ech hun dat Schaz! (fënnt de Sak ënnert engem Koup Stréi.) |
| Annette | Wat en décke Sak! |
| Pol | Décke Büffel, hëllef emol de Sak ophiewen. |
| Lucien | Deen as schwéier wéi Bläi! |
| Eric | Maach emol op! |
| Pol | 't as sou e wäisst Pudder dran. |
| Annette | Seefepolver! |
| Lucien | Zocker! |
| | (Déi zwee Schmuggler kommen eran, Revolver am Grapp.) |
| 1.Schmuggler | Haut les mains! Elo hu mer se, déi Näischnotzen, déi eis Marchandise wollte stibitzen! |
| Eric | Mi-mi-mir wo-wo |
| Pol | Da-da-dat mu-mu-mu |
| 1.Schmuggler | Wat mengs de, Fernand, schécke mer d'Peaux-Rougen bei de grousse Manitu? |
| 2.Schmuggler | Nee, Robert, dat mécht zevill Koméidi. Mir fesselen se, an da kënnen se hei erhéngeren. Vergiess nët, derno de Sak matzehuelen. An dann näischt wéi fort hei! |

5. Zeen An der Hiel. All Kanner si gefesselt.

| | |
|---|---|
| Lucien | A wat maache mer elo? |
| Pol | En dommt Gesiicht an e schlechten Androck! |
| Annette | Wann ee laang sou hei sëtze bleift, kënnt een mol hongreg gin. Ech hun sou e komescht Gefill am Mo. |
| Eric | (kräischt) Wat soll méng Mamm soen, wann ech um fënnef Auer nët doheem sin fir Tennis spillen ze goen? |
| Manuel | Ech mengen, ech ka kréien d'Seel lass. (E bruet sech e puermol hin an hir, an op eemol huet en eng Hand fräi. E wéckelt sech lass a mécht een nom aneren d'Sioux fräi.) |
| Pol | Ech lafe séier de Gendaarmen tëlëfonéieren.(geet of) |
| Lucien | Déi Spëtzbouwe si laang duerch d'Latten. Mee wat war dann an deem Sak? |
| Eric | Total mëll, ma liicht dat dir dann nët an, datt et Hasch war? |
| Annette | Wat war et? |
| Eric | Ma Hasch, Rauschgëft, Heroin oder wat weess ech! Wat bass du mir e Kreschtkëndchen! Du weess dach, datt et esou Efalte gët, déi mengen, si wire méi dichteg, wann se Rauschgëft huelen. Da brauchen se es emmer méi, an no der véierzégster Sprëtz schaffen d'Longen nët méi, d'Häerz bleift stoën, a se gin hops. |
| | (De Gendaarm an de Pol kommen eran.) |
| Gendaarm | Aha, do si jo eis Detektiven! Mir hun déi zwee Banditten Zu Fréiséng op der Grenz gouwen se geholl. Si sin opgefall, well deen ee séng Kleeder mat Fangerfaarf beschmiert hat. Zwee bekannt Rauschgëftschmoggler, fir déi eng Prim ausgesat war. Dir hutt zéngdausend Frang verdéngt. |
| D'Kanner | Yuppii! |
| Eric | Wat e Gléck, datt de Schwaarze Mustang bei äis war! |

======================== G.Sch. o5.11.85